adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Den neien US-President Joe Biden huet ugekënnegt, datt sech d'USA bis zum 11. September aus dem Afghanistan zréckzéie wäerten. Domat ass, zwanzeg Joer no 9/11, dee längste Krich, deen d'USA bis elo gefouert hunn, eriwwer. Domat stellt sech och fir déi aner Staaten, déi am Afghanistan engagéiert waren, d'Fro, wéi et lo weidergeet am Land um Hindukusch.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister an un den Här Verdeedegungsminister:

1) No der internationaler Press sinn déi europäesch Alliéiert vun den USA net am Virfeld vun där Decisioun vun den USA consultéiert oder informéiert ginn. Kann d'Regierung dat confirméieren? Ass Lëtzebuerg am Virfeld consultéiert oder informéiert ginn? Wann nee, wéi evaluéiert d'Regierung déi Eesäitegkeet am amerikaneschen Decisiounsprozess?
2) Ass schonns decidéiert, wéini déi Lëtzebuerger Zaldoten aus dem Afghanistan ofgezu ginn?
3) Wéi presentéiert sech, aus der Siicht vun der Lëtzebuerger Regierung, de politeschen an de militäresche Bilan vum Lëtzebuerger Asaz am Afghanistan? Sinn d'Ziler vum Westen erreecht ginn?
4) Wéi vill huet dësen Asaz Lëtzebuerg am Ganze kascht (international Contributiounen, Deployement vun der Arméi, Contributiounen un déi afghanesch Arméi, Ënnerstëtzung vu lokale Projeten, an esou weider)?
5) Wat geschitt nom Ofzuch vum auslännesche Militär mat deene Leit, déi hinnen am Afghanistan politesch, logistesch, militäresch oder op soss eng Manéier gehollef hunn? Gesäit d'Regierung d'Gefor vun engem neie Flüchtlingsstroum a Richtung Europa?
6) Wéi schätzt d'Regierung d'Gefor an, déi an de Méint nom Truppenofzuch vun Afghanistan kéint ausgoen? Besteet d'Gefor vun engem méi laange Biergerkrich oder enger Erneierung vun der Ënnerstëtzung vum internationalen Terrorismus?
7) Wäert Lëtzebuerg nom Ofzuch vu sengen Zaldote weiderhin déi afghanesch Arméi ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten